PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 19/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Wëldkamerae gi vu Jeëer, awer och zum Deel vu Wësseschaftler:inne benotzt, fir Informatiounen iwwert d'Wëld ze sammlen. Dës Kameraen si mat engem Bewegungsmelder ausgestatt a ginn duerch Bewegungen ausgeléist. D'Fotoen an d'Videoen, déi vu sou Kameraen opgehol ginn, ginn op enger carte-mémoire gespaichert. Verschidde Kameraen erlaaben et och d'Informatiounen direkt op e Computer oder Handy ze iwerdroen.

Well dës Kamerae virun allem am Bësch opgestallt ginn, kann et virkommen, dat Naturfrënn, Spadséiergänger:innen, Jogger:innen oder och Aarbechter:innen vun der Forstverwaltung vun sou Kamerae gefilmt ginn, ouni dat se sech därs iwwerhaapt bewosst sinn. Deemno stellt sech d'Fro no hiren « droits à l'image».

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ënnerläit den Asaz vun sou Kameraen dem RGPD?
   - Wa jo, mussen dës Kamerae bei der CNPD ugemellt ginn? Wat sinn d'Bestëmmunge fir den Asaz vun sou Kameraen, notamment, wat d'Plaz wou se opgestallt ginn an d'Ausriichtung betrëfft ?
   - Wa nee, ass den Asaz vun sou Kameraen iwwert aner gesetzlech Bestëmmungen, zum Beispill d'Juegdgesetz, réglementéiert a wéi eng sinn dat? Wéi gëtt séchergestallt, datt Persounen net ouni hiert Wësse gefilmt an hir Billerrechter respektéiert ginn?

2. Wat fir eng Méiglechkeeten hu Persounen, déi feststellen, dat se vun sou enger Kamera gefilmt goufen, fir de Propriétaire vun der Kamera ze identifizéieren an ze verlaangen, dat hier Biller geläscht ginn?

3. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dës Kameraen obligatoresch doriwwer misste renseignéieren, wiem se gehéiren, zu wat fir engem Zweck se agesat gi, an u wien een sech wende kann, wann ee Froen zu hirem Asaz huet ?

4. Wéi stinn d'Ministeren zu enger Kenntlechmaachung vun de Plazen op deenen d'Kameraen

hänken esou wéi et an der Belsch de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten